N°4388
Entrée le 03.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An engem Artikel am Wort vum 10ten Abrëll 2024 gouf iwwert den zousätzlechen Tramsarrêt beim GridX zu Steebrécken bericht. An dësem Artikel hat de Leidelenger Buergermeeschter d'Ausso gemaach, datt d'Firma Félix Giorgetti sech fir en Halt zu Wickreng agesat hätt. Dës Firma steht hannert dem Groussprojet GRIDX an ass Notznéisser vun dësem Projet, ënnert Anerem duerch de Bau vum Tramsarrêt souwéi der Autobunnsopfaart op de Site vum GridX, souwéi engem Privatparking an dem Accès zum Shoppingzenter selwer. Zitat aus dem Artikel:

*„Laut dem Leudelinger Bürgermeister Lou Linster (DP) setzt sich auch die Firma Félix Giorgetti, die hinter dem Großprojekt GRIDX steht, für einen Halt in Wickringen ein. Daraus würde jedoch nichts, weswegen er als Leudelinger Bürgermeister nicht weiter auf eine Haltestelle nahe dem Zentrum von Leudelingen dränge.“*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kann d'Ministesch ausschléissen, datt d'Firma Félix Giorgetti sech selwer beim Ministère, bei Luxtram oder bei enger anerer staatlecher Verwaltung fir eng Tramsstatioun zu Wickreng agesat huet?
   Goufen et heizou Echangen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés